ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Déi russesch Fluchgesellschaft S7 Airlines (S7) baut hiert Netz vun Direktverbindunge mat europäeschen Destinatiounen aus. Dofir ass et net ganz verwonnerlech, datt den Ambassadeur vun der Russescher Federatioun zu Lëtzebuerg, den Här Dmitry Lobanov, an engem rezenten Interview mat Radio Ara duerchblécke gelooss huet, datt et zu engem Accord tëscht Luxair an S7 komm wier, wat eng Direktverbindung tëscht Moskau a Lëtzebuerg ugeet, eng Optioun, iwwer déi schonns säit Joren diskutéiert gëtt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

1) Kënnen d'Häre Minister confirméieren, datt et zu dësem Accord tëscht Luxair an S7 komm ass?
2) Wann dat de Fall ass, kënnen d'Häre Minister preziséieren, wéini dës Direktverbindung tëscht Moskau a Lëtzebuerg operativ wäert sinn?
3) Wat bedeit dësen Accord fir déi Lëtzebuerger Konsulater a Russland? Ginn déi eventuell personell verstäerkt?
4) Ass scho gewosst, wat fir ee Moskauer Fluchhafen dës Verbindung ubidde wäert? Sinn nach aner Destinatiounen a Russland oder an anere Länner vu Lëtzebuerg aus mat S7 geplangt?
5) Wéi steet d'Regierung generell zu engem Ausbau vun den Direktflich tëscht Russland a Lëtzebuerg am Kontext vun der Sanktiounspolitik vun der EU?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742